ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister , den Här Transportminister an den Här Energieminister weiderzeleeden.

D'EU wëll Produkter aus der Zwangsaarbecht verbidden a berifft sech op eng Definitioun vun der Internationaler Aarbechtsorganisatioun (ILO). Dësen Text soll scho gräifen, wann nëmmen e Risiko vun Zwangsaarbecht besteet, déi net fir e Produkt muss explizitt nogewise ginn. Dozou hunn ech dës Fro:

1. D'International Labour Organization (ILO) ass ganz aktiv am Kampf géint d'Kanneraarbecht an den afrikanesche Kobaltminnen. Wéi eng Konsequenzen hunn dës Entwécklungen op d'Elektromobilitéit? Ass d'Regierung weider der Meenung, d'Elektromobilitéit wëllen ze subventionnéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten